

**Mérite culturel
Bettina Scholl-Sabbatini
Esch-sur-Alzette
13. Dezember 2016**

Laudatio Paul Bertemes

Iéiwt Bettina,
Léiw Könschtfrenn,
Dir Dammen an Hären,

De Numm Bettina Scholl-Sabbatini steet fiir Qualitéit an
Originalitéit an der könschtlerescher Landschaft – nëtt nämnen
hei am Land.

De Numm Bettina Scholl-Sabbatini heescht awer och, sech op
emmer nei Iwwerraschungen an der könschtlerescher Démarche
gefaasst ze haalen.

Hirt Wirk steet fir en artistesch Schaffen, wat sech nëtt bequem
am Tirang vun der aktueller Konscht verstauen leist, wou ett dann
lues awer secher versteppsen géif.

D'könschtleresch Aarbecht vum Bettiana Scholl-Sabbatini heescht
villméri Bewegung, Dynamik.

Dat ass eng ongebremsten Energie, en Obbroch zu èmmer neien
Horizonter, ee Wee, deen vun enger kompromisslos
individualistescher Handschrëft geprägt ass.

Dese Konschtwee hängt secher mat der Art a Weis fir ze liewen vun der Könschtlerin zesummen.

Wei si 2010 un der 12. Architektur-Biennal zu Venedig am Cader vum Rwanda-Programm delgeholl huet, huet déi deitsch Konschthistorikerin Marion Vogt am Katalog geschriwwen:

„Heute hier, morgen fort – der Lebensstil der Künstlerin Bettina Scholl-Sabbatini ist der einer modernen Nomadin mit Ankerplatz in Luxemburg, gemäß dem Motto: Nicht das Herz an Orte hängen – die menschliche Begegnung und der Austausch sind die wichtigen Dinge im Leben.“

An d'Marion Vogt schreiwet weider:

„Und so bildet das nomadische Umherschweifen der Skulpteurin die Basis ihrer unaufhörlichen Suche nach neuen Erfahrungen und spezifischen Begegnungen mit Menschen zwischen Europa und Afrika.“

Den Titel vun desem Beitrag am Katalog heescht:

„Von Muscheln und Geistern. Bettina Scholl Sabbatinis genialisch beseelte Gehäuse.“

An e stung enner dem Motto vun engem Zitat vum Franz Kafka:
„Wege entstehen dadurch, dass wir sie gehen.“

Domatt wir eigentlech de Cader, an dem dess Könschtlerin evoluéiert, perfekt op de Punkt definéiert, an ech kennt elo hei ophaalen an lech nach e scheinen Oend wönschen.

Mais ett ass nun emol esou, datt ét bei esou enger entgrenzter an intellektuell freier Könschtlerin wuel kee feste Cader gett an ett sech émmer lount, sech e pur weider perseinlech Gedanken ze machen.

D'Marion Vogt huet schon drop higewisen: Europa - mat Lëtzebuerg - an Afrika, wou d'Bettina Scholl-Sabbatini zenter Joerzengten enner aanerem mat den Soroptimisten sozial aktiv ass – dat steet vir ee komplexe Programm och am könschtlereschen Kontext.

An deen huet sein Ausgangspunkt hei zu Esch. Och wann d'Könschtlerin haut zu Holtz liewt an hiieren Atelier huet.

Hei zu Esch ass si 1942 als Duechter vum Skulpteur Aurelio Sabbatini gebuer an domat war de Wee Richtung Konscht schon fréi virgezeechent.

Si ass a den Lycée Hubert Clement an d'Schoul gang, an dunn koum d'Konschtstudium vu Skulptur a Keramik zu Florenz am „Istituto d'Arte SESTO“, et gouf durno en Séjour an der Cité des Arts zu Pareis, an zu Pareis war si och Schülerin vum Professor Jérôme op der Academie de la Grande Chaumière.

Durno koum déi artistesch Carrière.

Déi spigelt sech an internationalen Ausstellungen – dest Joer zum Beispill um Site Alstrom zu Nanzeg, 2015 am Palazzo Borghesi, zu Siena, an an der Academia Belgica, zu Rom.

Virdun waren ett Ausstellungen zu Dakar am Senegal, öfter an Italien, an der Schwaiz an Deitschland, der Belscht, a Frankreich, do enner aanerem 1997 matt enger Installation an der romanescher Kiirch hei fir zu Mont Saint Martin.

Och zu Letzebuerg gouf ett reigelmeisseg Ausstellungen, hei zu Esch, an a Stater Galerien fir nemmen dess Statiounen ze nennen.

Derniewt renomméiert Preisser, Aarbechten a wichtigen Sammlungen an Skulpturen op zentrale Platzen an Ariichtungen.

E Parcours also, den sech nett an banalen *Actions de Circonstance* erschöpft.

Mais dat ass nemmen déi eng Sait.

Wien international ausstellt an Erfolleg weel hunn, muss virteischt schaffen, wéi d' Bettina Scholl-Sabbatini en Oeuvre opbauen, wat héigen Usprech gerecht gett.

Esou eng renomméiert Éierung wéi de Mérite Culturel hei vun der Stat Esch ass dann eng passend Gelegenheet, déi aussergeweinlech Positioun an dem komplexen – ann heiandsdo volatilen – kreative Konschtschaffen heiheem nett némmen ze würdigen, mais ett virun allem an senger Essenz an senger Wertigkeit ze emreissen.

Waat zielt, ass jo de könschtleresche Wee , déi individuell a konsequent Démarche, d'Fähigkeet, sech eng eegen Sproch ze schaafen.

Dabei ass nätt némmen innovativt Denken näideg, mais och d'Bereedschaft, dei eegen Aarbecht stänneg ze hannerfroen.

De klenge Film de mer elo just gesinn hun, weist wat dei grondlegend Themen vum Bettina Scholl-Sabbatini hiirem könschtleresche Sichen sinn.

D' Welt an den Ursprung vum Liewen, de Mensch, den aus der individueller Architektur vu senger Muschel, senger Urbehausung, an d'Liewen trett.

Der Könschtlerin hirt ganzt Wiirk zeechent sech durch dess Ausenanersetzung mam Mensch, mat sengem Liewen, sengem Fillen, sengen Mythen aus.

An dem Bettina Scholl-Sabbatini hire freien Skulpturen - sie sinn virun allem an der Keramik-Technik gebaut - gi mer mat eischter barocken, geschwongenen Formen vun Torsien konfrontéiert, déi emmer esou komponéiert a strukturéiert sinn, dass si eis gleichzeiteg verschidden Perspektiven an Saiten vun hiirem Volumen weisen.

E bessen wéi eng lyresch, organesch geprägten Oplockerung vun de strengen geometresche Bleckwenkelen aus parallelen Perspektiven, déi d'Kubisten eis an hiire Skulpturen weisen.

Mais d'Keramik, dat war nett esou déi Technik, déi dem Bettina Scholl-Sabbatini déi Freiheet gebueden huet, déi si am kreativen Prozess braucht.

„Dat war mir um Enn zevill Chimie a Physik“, huet si mer gesoot. Si hätt méi eppes freies, direktes gebraucht.

An sou huet sech dunn eng eegen Technik an der Bronzeskulptur entwickelt.

Eng Technik, wou si matt *Cire perdue* konnt direkt modelléieren an aaner Elementer an Werkstoffer aus dem Alldaagsliewen wéi zum Beispill recycléiert Plastikfläschen oder Stoff-Fatzen oder Kartonstecker matt abauen.

Ech kam mer zwar virstellen, datt dat vir den Geisser vun de Bronzen eng Erausfuederung war, déi him de Schwees op d'Stir

gedriwwen huet, mais ett huet funktionéiert an ett funktionéiert nach emmer.

Esou konnt dunn déi Entwecklong richteg ugoen, déi d'Wierk vum Bettina Scholl-Sabbatini charakteriséiert an esou spannend mecht.

Dat war Enn der 1970er, Ufanks der 1980er Joeren, och zu dem Moment wou de Kontakt vun der Könschtlerin matt Afrika méi intensiv ginn ass. Wat sech dann och am könschtlereschen Schaffen gespigelt huet.

Ett sinn Skulpturen entstaan, déi archaisch, mythesch an mystesch Referenzen waren, eis un déi faszinant an authentesch Ursprünglichkeit erenneren, déi mer an de sougenannten primitiven Konschtwierken vun Naturvölker fannen.

D'Bettina Scholl-Sabbatini huet eng Art Hausaltär geschaafen matt Referenzen un Woodoo Totemen déi awer gleichzeitig an rigoros geformte Strukturen agebonne sinn.

An dess Gebilde sinn och zum Beispill Seringuen a Kreizform agebaut, déi als Hommage un d'Wissenschaft ze verstoen sinn. Mais déi awer och gleichzeitig drop verweisen, dass trotz aller Science nach emmer een do muss sinn , deen, wéi d'Artistin dat seet, „de Krunn op oder zou mecht“.

Ett ass och an dese Serien, wou dann irgendwann dee klenge Kapp optaucht, deen duerno vill Aarbechten am Laaf vun der Zeit charakteriséiert.

Vir teischt meescht uewen op den Totemähnlechen Kompositiounen, méi spéid uewen op Kierperen, déi och emol als Stull, als Troun alignéiert sinn.

An emmer fannen mer Schreftezechen, déi mer wuel nett entziffere kennen, déi awer Deel vun engem geheimnisvollen, mystischen artisteschen Message sinn, iwwer a fir de Mensch.

„Galéerie des Génies“ nennt d’Könschtlerin zum Beispill dess Käpp op Kompositiounen, déi wéi bei den Fetischen vun Urreligiounen vu Kraaft an Fertiliteit erzielen.

Hei geet ett emmer em de Mensch, sei Liewen, seng Condition humaine - am ursprüngleche Senn vum Wuert. Nett emsoss schwätzt d’Bettina Scholl-Sabbatini hei och vun *Hommage aux Ancêtres*.

Dat erklärt och, dass speider um Konschtwee Muschelen als individuell architektonesch Urbehausung vum Mensch optauchen. An dass, nach méi rezent, d’Thema Melusina als Serie vun liewensfrouhen Torsien an engem verweisenden Kontext opgeschafft gett. Dei eischt Aarbechten aus der Serie waren fir eng Ausstellung zu Roum geduet, der Stat, wou antik Torsien d’Bild mat bestëmmen.

Dat weist, wéi komplex d’Aarbecht vum Bettina Scholl-Sabbatini ass.

Wuel keint e mengen, dass dess vill Themenbereicher vir allem nei Ideen sinn, déi nett an engem direkten logeschen Zesummenhang mat fréierer Aarbecht ze stoen scheinen.

Mais wann ee sech nett matt engem schnellen eischten Bléck begnügt, wann een op den Inhalt an d’Sprooch vum Gesamtwirk kuckt, steet dat alles séier wuel an engem enken Zesummenhang,

En Zesummenhang, de sich eben ganz einfach ergett aus dem Bettina Scholl-Sabbatini hirer Sicht op d' Welt an de Mensch.

En Zesummenhang, de geprägt ass vun der Könschtlerin hiren kräftigen, spontanen an och gescheit-witzigen Interpretatiounen vu komplexen Hannergrönn.

Eng Démarche, an deer déi pur Freed um Gestalten eng erfreschend onkomplizéiert zousätzlech Dimensioun ergett.

Dir Dammen an der dir Häären,

d'Bettina Scholl-Sabbatini ass eng Könschtlerin, déi sech op eng iwwerzeegend Art a Weis ofhiewt vum allgemengen Zeitgeesch an der Konscht.

Si hat an huet eis vill matzdeelen. E bessen esou wéi wann d'Menschen am Ghana enner engem Baobab-Baam setzen a sech Geschichten erzielen. Just dat dem Bettina Scholl-Sabbatini seng Geschichten eis all direkt eppes uginn.

Ech sinn frou, dass d'Staat Esch des Könschtlerin, déi de Wee vun hei an d' Welt font huet, mat dem Mérite culturel éiert. Hirt Wierk huet dess Auszeechnung verdengt.

Ech soen lech merci.

Paul Bertemes
Esch-Uelzech, den 13. Dezember 2016